ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Vill Gebaier gi vum nationalen Denkmalschutz (SSMN) als schützenswäert beurteelt awer vun de Gemengen net als solch am allgemenge Bebauungsplang (PAG) festgehalen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Banneminister gär folgend Froe stellen:

1. Am Kader vum Ausschaffe vun den allgemenge Bebauungspläng (PAG) mécht den SSMN eng wëssenschaftlech Beuerteelung vun der Bausubstanz an deelt de Gemenge mat, wat fir Gebaier schützenswäert sinn. Dës objektiv Beuerteelung baséiert op wëssenschaftleche Fakten. Vill Gemengen ignoréieren awer méi oder manner dësen Avis vum SSMN. Wéi erkläert d'Madamm Minister sech, datt d'Gemenge sech net un déi wëssenschaftlech fundéiert Avisen halen?
2. Wéi steet d'Madamm Minister zu dësem Verhale vun de Gemengen?
3. Ass si gewëllt déi Situatioun ze verbesseren? Wa jo, wéi?
4. D'Madamm Minister geneemegt reegelméisseg PAPen, bei deenen Haiser ofgerappt ginn, déi no wëssenschaftleche Krittäre vum SSMS als schützenswäert agestuuft sinn. Wat sinn der Madamm Minister hir Grënn, fir dëst ze maachen?
5. Nach ëmmer hunn eng ganz Partie Gemenge kee PAG, obwuel de Ministère scho fënnefmol eng Frist gesat hat, woubäi déi éischt Frist fir 2010 gegollt huet. Am Regierungsprogramm gouf vun den 3 Regierungsparteie festgehalen, datt déi Gemengen, déi Enn 2019 nach kee PAG hunn, penaliséiert ginn. Si bis haut scho Gemengen an deem Kontext bestrooft ginn? Wa jo, wéi vill?

6. Hunn dës Verspéidunge beim Erstelle vun engem allgemenge Bebauungsplang eventuell Auswierkungen op den Erhalt vu schützenswäerte Gebaier?
7. Mat wat fir Moossnamen, a Bezuch op den Denkmalschutz, reagéiert de Banneministère op d'Verspéidung vun engem PAG?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten